N° 7565
Entrée le 08.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.02.2023

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2023

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Santéministesch weiderzeleeden.

Am Dezember 2022 huet d'Stauséigemeng e Projet zu Noutem vun engem "Centre médical" mat Apdikt presentéiert. Zil vun der Gemeng ass et, eng breet Offer u gesondheetlechen Déngschter kënnen op dëser Platz unzebidden. Dat ass e Projet, deen spezifesch den Awunner aus der Stauséiregioun duerft ze gutt kommen. Dës Komplementar Offer zum Projet Schlasskéier mam neien IRM zu Woolz baut d'Offer vum Santéberäich am ländlechen Raum aus a dierft den Norden weider stäerken. An dem Zesummenhang géif ech gären follgend Froen un d'Madamm Ministesch riichten:

- Awéifern ass den Santéministère un de Realisatioun vun dësem Projet bedeelegt?
- Ass schonns eng Decisioun geholl, op hei eng d'Apdikt mat integréiert gëtt déi, laut den Initiatoren vum Projet, d'Häerzstéck vun dësem Centre Médical duerstelle soll?
- Am Mee 2022 ass de Gesetzesprojet 8013 an der Chamber deposéiert ginn. Wann deen bis gestëmmt ass, wäert dësen Text et Dokteren a Gesondheetsberuffler erlaben, sech a Gesellschaften ze organiséieren. Ënnert wei enger Form ass et an der aktueller Gesetzeslag fir Gesondheetsberuffler méiglech, sech zesummen néier ze loossen, sou wei datt am Fall vum Centre médical vun Noutem virgesinn ass?

Mat déiwem Respekt,

Carlo Weber
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

N° 7565
Entrée le 21.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7565 vum 8. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Carlo Weber.**

1. *A wéifern ass den Santéministère un de Realisatioun vun dësem Projet bedeelegt?*

Den 15. Dezember 2022 hunn Vertrieder aus der Stauséigemeng souwéi zwee associéiert Dokteren dem Gesondheetsministère an enger Réunioun d'Konzept vun engem Centre médical zu Nothum virgestallt. Dësen Projet gesäit effektiv d'Mise en Place vun engem Centre vir wou ë.a. Médecins généralistes an Médecins spécialistes souwéi en Laboratoire d'analyses médicales, eng Apdikt, en Psychologue, en Kiné, an eng Pédicure médicale ënnerbruecht kéinten sinn.

Den Gesondheetsministère dréit generell d'Initiativen vun sou Centren an ennerstëtzt d'Cabinets de groupe säit 2018 mat enger Prime d'installation nominative vun 10.000 Euros.

2. *Ass schonns eng Decisioun geholl, op hei eng d'Apdikt mat integréiert gëtt déi, laut den Initiatoren vum Projet, d'Häerzstéck vun dësem Centre Médical duerstelle soll?*

Den Collège médical huet en positiven Avis zur Implementatioun vun enger Apdikt an der Stauséigemeng ginn. D'Gesondheetsdirektioun recommandéiert am Allgemengen, dass eng Gemeng op mannst 2.500 Awunner soll hunn fir eng éischt Apdikt ze genehmegen. An dësem Fall muss een awer och berücksichtegen dass d'Distanz zur nächstgeleeënner Apdikt relativ wéit ass, esou dass sech eng nei Apdikt hei éischter justifizéieren kann.

3. *Am Mee 2022 ass de Gesetzesprojet 8013 an der Chamber deposéiert ginn. Wann deen bis gestëmmt ass, wäert dësen Text et Dokteren a Gesondheetsberuffler erlaben, sech a Gesellschaften ze organiséieren. Ënnert wei enger Form ass et an der aktueller Gesetzeslag fir Gesondheetsberuffler méiglech, sech zesummen néier ze loossen, sou wei datt am Fall vum Centre médical vun Noutem virgesinn ass?*

An der aktueller Gesetzeslag kënnen Gesondheetsberuffler sech an enger Association de fait zesummen néier loossen fir den gemeinsamen Exercice vun hirem Beruff. Den Gesetzesprojet 8013 gesäit effektiv vir, dat an Zukunft d'Gesondheetsberuffler sech an enger Gesellschaftsform kënnen néier loossen.

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2023

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert